Léif RTL-Redaktioun,

Ech wëll op Ären Artikel reagéieren.

Meng Wierder (Tiago Rodrigues: "Dat ass eekleg. Dat ass reng Hypokrisie...") waren aus Roserei an Enttäuschung, a bezéien sech op déi kloer Duebelmoral an eiser Gesellschaft.

Ech verlaangen net Privileegie fir iergendeen, ech verlaange just Gerechtegkeet, Konsequenz, a Mënschlechkeet. Wann d'Justiz geschwat huet, da solle mir dat respektéieren an net ëmmer nach een drop setzen. Wa Leit mengen, datt d'Urteel net gepasst huet, da sollen se sech un déi zoustänneg Instanze wenden.

Ech hu mäi Beitrag net wéinst Drock geläscht, mee well ech als Trainer net wollt, dass meng Meenung instrumentaliséiert oder mëssverstane gëtt.

D'Hetzt géint de Gerson Rodrigues muss ophalen. Wéi all anere Mënsch, deen seng Strof verbéisst huet, huet och hien e Recht op eng zweet oder esouguer drëtt Chance. Et ass net un de Medien oder der Politik, seng Zukunft ze dirigéieren, a scho guer net, wa sportlech Instanze wéi d'FLF schonn eng Positioun bezunn hunn. De Sport däerf net zu engem ideologeschen Instrument ginn.

Et gëtt kritiséiert, hie wier kee Virbild. Mee wien decidéiert dat? Mir stelle Fuerderungen un ëffentlech Persounen, déi mir un eis selwer net mol stellen. Mënsche maache Feeler, mee si hu gläichzäiteg d'Fäegkeet, sech z'änneren.

Ech si selwer a menger Trainer-Roll scho mat Gewalt a Bedrohung konfrontéiert ginn. Ech wëll et net verharmlose mee grad dowéinst weess ech, wéi wichteg et ass, Mënschen net fir ëmmer ofzeschreiwen.

Wat d'Kanner ugeet: Et ass verkierzt a geféierlech, ze behaapten, meng Haltung géif Gewalt verharmlosen. Kanner gi virun allem vun hirem direktem Ëmfeld gepräägt. E Feeler mécht keen automatesch zu engem schlechte Virbild/Mënsch, mee wéi een domat ëmgeet, dat weist Charakter.

Eise Rechtsstaat baut op Prozesser a Beweiser, net op moralistesch Online-Kommentarer. Eng verurteelt Persoun, déi seng Strof akzeptéiert huet, huet net automatesch d'Recht verluer, hiert Beruffsliewe weiderzeféieren. (Et gi sécherlech Ausnamen)

Zum Schluss: Et ass bedauerlech, dass verschidde Perséinlechkeeten dës Situatioun notzen, fir géint Instanzen ze schéissen, déi kompetent sinn. Dat féiert zu Spléckung an net zu engem sächlechen Dialog. Ech hoffen dat déi leit, déi de Gerson kritiséieren, feelerfräi si a keen Ëmfeld hunn déi scho verurteelt ginn ass.

Ech bieden Iech, mäi Recht op Äntwert z'acceptéieren an dëse Beitrag ze publizéieren.

Cordialement et sportivement,
Rodrigues de Oliveira Tiago